N°1873
Entrée le 26.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Här Xavier Bettel, Minister fir Aussenugeleeënheeten an Aussenhandel op d'parlamentaresch Fro N° 1873 vum 30. Januar 2025 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwer de Finanzement vum grenziwwerschreidenden Ausbau vum Eisebunnstransport a Frankräich.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer de Finanzement vum grenziwwerschreidenden Ausbau vum Eisebunnsreseau a Frankräich.

De Protokoll vu Paräis vun 2018 an den Avenant vun Esch/Belval vun 2021, hale fest, dass déi a béiden Ofmaachungen opgezielten Eisebunnsprojeten zu gläichen Deeler vu Frankräich a Lëtzebuerg finanzéiert ginn.

Doriwwer eraus huele Vertrieder vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten all Semester un engem franséisch-lëtzebuergeschen Aarbechtsgrupp fir de Suivi vun den Eisebunnsprojeten Deel. Jidder franséischen Acteur (Stat, vertrueden duerch de Préfet, Région Grand Est, SNCF voyageurs an SNCF réseau) ass present an et fënnt e konstruktiven Austausch statt fir déi gemeinsam Projete virunzedreiwen. Et ass der Regierung net bekannt, dass de franséische Stat sengen Obligatiounen, déi am Protokoll festgehale goufen, net nokomme géif.

Lëtzebuerg, den 26. Februar 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes